

Virun 100 Joer?

D'Geschicht léiert äis (?), datt 1919 fir eist Land e Joer op enger Existenzkräizung war, vrun allem fir bei eis Monarchie oder eng Republik. Mir wëssen, wéi et ausgaang ass, an hate mat der Grande-Duchesse Charlotte, an deem klenge Ländchen, dat mir wollte ‚fir äis‘ halen, wierklech dat bescht Lous gezunn. Wat de Regierungspremier hir exakt 20 Joer duerno, 1939, op der grousser Onofhängegkeetsfeier am Stater Cercle riichter aus gesot huet, war a guff nach apaart goldrichteg: **Madame, mir hunn lech gär!** Dofir, an och fir eng prinzipiell Actioun fir d'Sprooch vum Land, hunn ech (als Verantwortleche fir d'Organisatioun) drop gehal, datt just dee **Sprooch um Sockel vum Monument Charlotte** a Stee gemeesselt ginn ass. Iwwregens: Grad de Minister Robert Krieps huet mir ëmmer gesot, „*Tue Gutes ... und sage es jedermann!*“; deesewechte Mann, deem mir fir seng Verdéngschter fir eis Sprooch, zesumme mam Här Werner, d'Sëlwer-Éiereplack vun der AL ginn hunn. Zënter méi ewéi 35 Joer fannen dofir och all auslännesch Intresséierter, grad ewéi bei der ‚Gëlle Fra‘, eises Lëtzebuergesche bei engem vun dësen Hauptmonumenten. Gitt emol kucken.

vum Lex Roth



1919 an direkt duerno wier et, a wann och nëmmen aus taktesche Grënn, **net vu Muttwëll gewiescht, wann eis Sprooch dunn ewell eng ‚offiziell‘ Roll krit hätt**; 20 Joer méi spéit hätten d'Nazi-Fatzerten äis vläicht net esou spillen wëllen ‚Heim ins Reich‘ zéien. Na ja. Et huet, trotz deer Louderei vum Oktober 1941, bis 1984 gedauert, bis d'Lëtzebuergesch endlech seng gesetzlech Roll an engem Text krut, dee **mat deem néidege ‚Fangerspëtzegefill‘ d'Sproocherollen am Grand-Duché festgeluecht** huet ... dat ginn dës Mount 35 Joer. D'Actioun-Lëtzebuergesch hat sech dofir net ëmsoss an d'Sträng geluecht, a mir soen dem Här Pierre Werner iwwer d'Graf ewech e waarme Merci!

Mir hoffen dann ower elo, datt déi nei Chamber de Wee fir bei e Referendum fir eis Sprooch an der Constitutioun och fënnt; mam Prinzip hat si sech jo 100 Prozent averstane gesot. Also.

Zu Wolz: e Rekord!

Zënter 1979, also 40 Joer!, bréngt de ‚Wëlzer Gesank‘ all Joer een oder méi Lëtzebuurger Theaterstécker **an der Primär- haut REENERT-Schoul** op d'Bühn... iwwregens do, wou de Michel eropgaang ass, fir schaffen ze goen. Déi Kulturleeschtung gëtt et an hirer ‚Duerhal‘ soss néierens am Land. Bis elo 52 ‚Stécker‘... dat si mir ganz kloer dem – notoresch gedamen (bescheidenen) – dichtegen Dirigent an zolitte Museker Josy Putz schëlleg; déi ‚Zort‘ ass rar wéi déi wäiss Mais!

Dëst Joer spillen déi Wëlzer dem Norbert Weber seng herrlech DICKSE-REIEN, eng Zort ‚Medley‘ vum Dicks sengem genëssegem Theater; déi soll kee sech laanscht Nues an d'Ouere goe loossen; dir huet 4-mol d'Geleeënheet: Sa 16.03: 20 Auer/So 17.03: 15 Auer/Sa 23.03: 20 Auer/So 24.03: 15 Auer. **Reservatioun:** Tel. 95 89 72 (Feyen/ 12-14 + 19-21 Auer). Iwwregens: Wéi wier et dann, wann dës Organisatioun de Stack fir e ‚Lëtzebuurger Festival‘ op deer immenser Schlassbühn giff ginn? Eng eemoleg Geleeënheet... fir sech emol doriwwer beieneenzenesetzen!

Et ass dach gelungen

oder mussen mir ‚eegenaarteg‘ soen, datt der esou sëllege mengen (esouguer behapten), **e Wuert, dat si net gebrauchen, vläicht nach net héieren hunn, wier al – museal – net méi am Gebrauch asw.**

Da missten d'Fransousen Dausende vun Ausdréck aus dem Larousse/Petit Robert erausdixen, well e ‚mëttlere Franchy‘ am normale Gespréich an esouguer Schrëftgebrauch net méi ewéi 10 000 Wierder huet. Do héiert Dir ower knapps ee soen, dat wier ‚*du jamais entendu, du vieillot, du patiné, du muséal*‘. Natierlech huet dat mat hirem immense Schrëftlechen aus der Literatur an der Press ze dinn, grad wéi mam wëssenschaftleche Gebitt ... wéi mir dat an eiser Sprooch nun emol net hunn. **Dofir ‚verblatzen‘ a ‚verfléien‘ eiser Ausdréck, well si net fixéiert, verbreet a ‚verankert‘ guffen, souzese wuertwärtlech ‚an d'Ae‘ gaang sinn.** Mat ‚al a museal‘ huet dat jo dann ower net ze dinn, apaart, well mir dacks mengen, epees ‚Besseres‘ vum ARD-ZDF-SAT3 eran an d'Lëtzebuergesch ze schleefen.

Duefir kann ee seng Zweiwelen hunn, wa bei enger ‚Schnësserei-Ëmfro‘ uechter d'Land **nëmmen just no deem sakrosankten ‚IST-Zoustand‘ gefuer** gëtt – regional – ouni sech déi Boun drëm ze froen an ze bekëmmere, **wéi et da mam wierkleche Grondschatz, dem ‚Thesaurus‘ vum Lëtzebuergesche steet ...** do misst op d'mannst ënnersicht ginn, wat/wéi alt emol zënter 1945 geschriwwen guff. Do fannt dir alleguer déi Beispiller, déi hei hannendru stin; esouguer plazeweis a Familjen opgedeelt. Huelt emol:

druddelen – knujelen – kniwwelen – wurrelen – kruwwelen – stréilen – heemelen – wibbelen – queesch – dowidder – schro – trântelen – hippen – schluppen – knätschen ...

Mammesprooch?

Wat ass eigentlech Mammesprooch? Mammesprooch ass **déi Sprooch, déi mir als alleréischt an Téin, Wierder a Sätz héieren a selwer geschwat hunn.** Déi Sprooch mussen mer ower net onbedéngt nëmmen vun eiser Mamm matkritt hunn; mir héieren a léieren se och iwwer eis Famill an Ëmwelt:

D'Famill doheem; dat kënnen Nopeschkannersinn, mat deenene spillt oder Frënn vun den Elteren, de ‚Précoce‘ asw. Iwwer d'Joere, ‚verfeinert‘ sech eis Mammesprooch. Mir huelen alles op wéi e Schwamp; eise Vokabulär gëtt ëmmer méi grouss, wat mir méi Relatiounen mat anere Leit kréien. **D'Qualitéit vun deer Sprooch** hänkt natierlech vun en etlechen Elementer of, déi e Psychiater äis explizéiere kënn, an ... wa kee mat engem Kand schwätzt, dat Kand schlecht, knapps oder guer keng Sprooch matkritt, ass dat, je nom ‚Täti‘, eng Katastroph fir d'ganz Liewen.

Interessant ass, datt Kanner hiréischt Wierder, Tonalitéit a Rhythmus net eréischt héieren, nodeem se op Welt komm sinn, mä, wéi mer haut wëssen, schonns am Bäichi vun der Mamm. Japanesch Fuerscher hunn iwwerdeems scho viru Joerzénge erausfonnt, datt déi jeeweileg **Mammesprooch, am Fong ons „Primärsprooch“**, am Gehier, och eng aner Plaz huet, wéi all aner Sproochen duerno, déi praktesch an am Sënn vum Ausdréck eng méi oder manner féx ‚Iwwersetzung‘ bleiwen. Déi ‚Primär-‘ oder Mammesprooch huet nun emol normalerweis jiddereen.

Mir hunn u sech déi grouss Chance, datt mir **hei zu Lëtzebuerg op enger wonnbarer Sproochkräizung** leien. Déi ‚Mëschkräizung/melting pot‘ vum Germanesche mam Romanesche beräichert eis Mammesprooch. Si féiert intressanterweis och ganz speziell an d'Englescht, wat jo zënter dem 11. Joerhonnert – no der ‚Battle of Hastings‘ an dem normanneschen Iwwerhuele vun der englescher Kroun – eng immens Mëschung tëscht dem Germaneschen (Angelsächschen) an dem Romaneschen (Franséischen) aus der Normandie ginn ass! Schon iwwerluecht: wouhier kënn dat ‚Angelsächschescht‘?

Eis Sproochsituatioun – fir net vu ‚Liichtegkeet‘ ze schwätzen mat deene ville Sproochen, déi mir gebrauchen an héieren, huet sëllege Virdeeler, mee och eng Rei No-deeler fir en zerguttstert Lëtzebuergesch. Doduerch, datt mir eis Ausdréck fir Begrëffer ëmmer nees (muttwëlles!) duerch Wierder a Sazbildungen aus anere Sproochen ersetzen. Dat ass ganz guut am Internet ze gesinn, wou eis Mammesprooch eng enorm grouss Plaz huet ... wéi? ... dat ass natierlech eng aner Geil! ☺ Eng Haaptschold dorun: Leider iwwerliesen d'Leit am Internet dacks net, wat se geschriwwen hunn, well dat hinnen net esou wichteg schéngt, oder net séier genuch geet. Trotzdem kann een der Meinung sinn, datt den Internet an all senge Formen eiser Mammesprooch eng Hëllef gëtt, vun deer vru 25 Joer net emol ee gefuebelt hätt. Hei entsteet eng wonnerléif ‚Gewunnecht‘, esou mateneen ze ‚mailen/simsen‘, wéi een am ‚Liewege‘ matenee schwätzt. **Domat dreiwe mir souzese ‚stolen Dunnen‘ an de Fong fir d'Erhalen an Entwéckele vun eiser Mammesprooch ... UNESCO, salut!**

‚bosseg‘ Sätz:

Ech hänken dir et un... deen huet et op mech sätzen... de Jang huet sech ferm ermaach... elo hu mir zerguttst derbäigemaach... de Guy ass en Heeschesak... mir hunn zu Déngens en Haus gesproocht... dëslescht si mir fatzeg dowiddergaang... d'Carole ass eng ondugen Zatz... seng Schwëster ass och e Quescht... do hues du et ower geféngert... dat ass eng rosen Zara... do krut ech de Baart gemaach... de Will ass en topegen Dabo... gepatscht ass net gefémmt... de Jos ass bäigelaf... ech si mam Auto bäigang... géff dech, soss kriss d'eng an d'Suckel... oder eng gelaatscht...

Éierlech: Da probéiert emol, ob dir déi Sätzercher **ouni ze zécken an eng aner Sprooch iwwersetze** kënn. Hei ass et dach wierklech egal, wéi een dat alles zu Ëlwen oder zu Bieles ausschwätzt. Wichteg ass just, kloerzemaachen, datt et sech sproochmësseg ëm e spezielle Wee dréint. Datt de Wëssenschaftler hei vun ‚idiomatesche Strukture‘ schwätzt, ass vläicht méi blénkeg, ower net manner richtig... a wichteg!

Internet an SMS

Datt **d'Lëtzebuergesch mam Internet an dem SMS um Handy** eng zimlech ‚geckeg‘ Chance krut, versteet jiddereen, deen iwwerleet, wéi wichteg déi schrëftlech Säit fir eng Sprooch ass. Hei entsteet eng Gewunnecht, déi **apaart bei eise jonke Leit** eng ongeheier gutt Saach fir d'Stäip vun eiser Sprooch ass, souzese eng Garantie, datt d'Lëtzebuergesch lieweg bleift... an de fuddelegen **UNESCO-Behauptungen** eng laaaaang Nues ka maachen.

Et kann een nëmmen hoffen, datt sech **en anere Gebrauch fënnt: d'Iwwerliesen!** Mä do brauche mir äis net extra ze verstoppen; kuckt dach emol, wat ‚franco-phon/anglophon Simserten‘ sech bei ‚Commentairen‘ am Netz leeschten. Dat ass ower natierlech keng Ursach, net **eng Grimmel no eiser Sprooch an e Wutz no der Schreifweis ze kucken.** ☺